

Mobbing

Definitioun, méiglech Konsequenzen & kleng Denkestéiss

Wat ass Mobbing?

Verschiede Mënsche gi leider scho ganz fréi an hirem Liewe mat Mobbing konfrontéiert. Spéitstens an der Schoul ginn déi meescht dann zu Zeie vu Mobbingaktiounen. Dobäi kënnen sech dës bedeitend op dee weidere Liewenslaf vun enger Persoun auswierken. Ëm wat et sech genau bei Mobbing handelt, gëtt deelweis bëssen ënnerschiddlech definéiert. Eng ganz beléift Beschreiwung vun enger Mobbingsituatioun ass allerdéngs déi vum Heinz Leymann formuléierten Definitioun. No dëser handelt et sech ëm eng Mobbingsituatioun, wann perséinlech Attacke virkommen, déi reegelméisseg sinn (op d'mannst eemol d'Woch), ëmmer schlimmer ginn, an iwwer een Zäitraum vun op d'mannst 6 Méint stattfannen.² Allerdéngs si 6 Méint eng laang Zäit, woubäi et scho vill éischer zu physischen a mentale Konsequenze komme kann.

Mobbing Konsequenze bei Kanner a Jugendlechen¹

Jonk Affer vu Mobbing erliden heefeg kierperlech Verletzunge souwéi sozial Ausgrenzung a virun allem eng Verletzung vun hirem Selbstwäert. Doropshi kann et zu enger Reduktioun vu soziale Bezéiungen an enger Verschlechterung vun de schoulesche Leeschtungen an der psychescher Gesondheet vun där betroffener Persoun kommen. An de schlimmste Fäll kënnen sech souguer divers psychesch Stéierungen (z. B. psychosomatesch Reklamatiounen, depressive Stéierungen, sozial Stéierungen, Angschtstéierungen) ausprägen.

Vill Mënsche bedenken och nit, dass nieft den Affer, och d'Täter vu Mobbing, unhalend Schied mat sech droe kënnen. Méi schlecht Schouleschtungen, ee gestéiert Sozialbehuelen, ausgeprägt sozial a gesellschaftlech Problemer, a weider Resultater stinn op der Lëscht vu méigleche Konsequenze fir d'Täter vu Mobbing.

Eng Ursach vum Mobbing am Erwuessenenalter kann deemno aus enger Konsequenz vum Mobbing am Kandheets- oder Jugendalter bestoen, dëst souwuel fir den Täter ewéi och fir d'Affer.

Mobbing Konsequenze bei Erwuessenen³

Am Géigesaz zu der Schoul am jonken Alter, stellt d'Aarbechtsplaz an engem méi spéide Liewensofschneitt een Ëmfeld duer, an dem et heefeg zu Mobbing kënt.

[1] Böhmer, M., & Steffgen, G. (Eds.). (2019). *Mobbing an Schulen: Maßnahmen zur Prävention, Intervention und Nachsorge*. Springer-Verlag.

[2] Leymann, H. (1993). Mobbing: Psychoterror am Arbeitsplatz und wie man sich dagegen wehren kann. [Mobbing: Terrorization at work – and how to ward it off]. Rowohlt, Reinbek.

[3] Litzcke, S. M., & Schuh, H. (2010). *Stress, Mobbing und Burn-out am Arbeitsplatz*. Springer-Verlag.

D'Konsequenze vu Mobbing am Erwuessenenalter kënnen dobäi an 3 Kategorien agedeelt ginn: Individuell, organisatoresch, a gesellschaftlech Konsequenzen.

Individuell Konsequenzen: Dass Mobbing dee psycheschen Zoustand verschlechtere kann a soumat eng psychesch Belaaschtung duerstellt, dierft an häutegen Zäiten deene meeschte Mënsche bewosst sinn. Dës Laascht kann sech a Form vun Demotivatioun op d'Aarbechts- a Leeschtungsbehuelen auswierken. Méi héischt Mësstrauen, Nervositéit, Veronsécherung, Konzentratiounsmängel, Denkblokkaden, Angschtzoustand a Selbstzweifel bilde puer vun deenen ugedeiten Auswierkungen. Heefeg antriedend Leeschtungsverloschter kënnen dann erëm zu Mobbing féieren, wouduerch sech een Däiwelskrees zwëscht Mobbing a Leeschtungsverschlechterunge bilt. Weider individuell Konsequenzen si gesondheetlech Schied wéi Migränufäll, Lähmungszoustand, souwéi Mo-Däerm-, Häerz-Kreeslaf, a Kriibserkrankungen. **Aarbechtsverloscht a Gestalt vun enger fräiwëlleger Versetzung an der Organisatioun, enger Kënnegung, oder enger Entloossung, sinn och Resultater, déi dacks virkommen.** Schliisslech leit dobäi och nach d'Fräizäit an d'Bezéiung vum Affer zu senger Famill.

Organisatoresch Konsequenzen: Wéi uewen ugeschwat, gëtt eng Mobbing Situatioun op der Aarbecht meeschtens réischt doduerch op en Enn bruecht, dass déi betraffe Persoun handelt. Dëst duerch Kënnegung oder ugefrote Versetzung. Ausserdeem bréngt Mobbing och betribswirtschaftlech Käschte mat sech. Soumat entsti fir de Betrib beispillsweis Käschten, well d'Aarbechtsproduktivitéit bei Täter an Affer noléisst, et méi krankheetsbedéngten Absencë gëtt, d'Betribsklima sech verschlechtert, aarbechtsrechtlech Verfaren aberuff ginn an Informatiounen manner weidergerecht ginn. Doraus resultéiere volkswirtschaftlech Käschten duerch kurativ Behandlungen, Fréipensioun, Daueraarbechtslosegkeet a Rehabilitatiounskuren.

Gesellschaftlech Konsequenzen: Mobbing verursaacht eng Zerstéierung vun der Funktionalitéit vun den Aarbechtsbezéiungen, wouduerch sech d'Rentabilitéit an d'Produktivitéit vun engem Betrib verschlechteren. Doriwwer ewech kann d'Produktioun vun enger Entreprise senken an déi sech erhéijend Käschten am Gesondheetsversuergungssystem maachen ënner anerem den öffentleche Stéit d'Liewe schwéier.

Conclusioun

Zesummeffaassend kann sech Mobbing op all Beräich vum Liewen negativ auswierken. Nit nëmmen Affer an Täter hu mat Konsequenzen ze kämpfen, mee och hier Famillen a Frënn, d'Institutioun fir déi si schaffen a schliisslech och d'Gesellschaft an där si liewen.

Trotzdem ass déi am meeschte leidend a wichtegst Persoun an engem Fall vu Mobbing ëmmer nach d'Affer.

D'Feele vun engem Gesetz a ville Länner (dorënner och zu Lëtzebuerg) mëscht et zu enger Mammutaufgab, géint Mobbing, spezifesch géint Mobbing op der Aarbecht, virzegoen. Mee och ouni Existenz vu sou engem Schrëftstéck, kann een eppes géint dësen deeglech opriedenden, villfach zerstéierende Phänomen maachen. Kuckt Iech Äert Aarbechtsëmfeld un, zéit Iech nit zréck, wann Dir eng Mobbing Situatioun erkennt, hëlleft den Affer vu Mobbing aktiv dobäi, aus hirer Situatioun erauszekommen a géint d'Täter virzegoen.

Wann Dir an hirer Situatioun wiert, géingt Dir Iech dat selwecht wënschen, oder nit?

D'Affer vu Mobbing op der Aarbecht ze sinn a nëmmen aus dëser Roll flüchten ze kënnen, andeems ee versat gött, oder kënnegt, ass eng **Duebelbestrafung**, déi et esou nit dierft ginn.

Täter ze sinn, anere Mënschen d'Liewen zur Hell ze maachen, an ouni Konsequenzen ewechzekommen, ass eng Ongerechtegkeet, déi et esou nit dierft ginn.

Fir d'lescht si Patron'en, déi, opgrond vun hire Relatiounen an hirer Muecht, scheinbar onverletzlech sinn, nit just Charakteren an Hollywood-Filmer, mee eng **Realitéit**, eng **Korruptioun**, déi an eisem Ëmfeld stattfënnt an et esou nit dierft ginn.

- Jos C. Wagner